



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère des Finances

REÇU  
Par Alf Christian, 16-09, 23/10/2020

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
p.a. Service Central de Législation  
5, rue Plaetis  
L-2338 LUXEMBOURG

Référence : 834x9fc68

Luxembourg, le 22 octobre 2020

**Concerne :** Question parlementaire n° 2922 du 29 septembre 2020 de Monsieur le Député Roy Reding concernant les chèques-repas

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA

**Äntwert vum Finanzminister, Pierre Gramegna, op d'parlamentaresch Ufro n° 2922 vum 29. September 2020 vum honorabelen Deputéierten Roy Reding iwwer d'Chèques-Repas**

De steierleche Regime vun de Chèques-Repas geet op d'Groussherzoglecht Reglement vum 29. Dezember 1986 zréck. Dat Reglement ass geholl ginn op Grond vum Artikel 115, n° 21 vum Akommesteiergesetz, a gesäit vir dass den Avantage en nature, deen duerch d'Chèques-Repas entsteet, ënner bestëmmte Bedingungen steierfräi ass.

An dem Reglement ass virgesinn dass de Betrag tëschent 10,8 Euro an dem Mëttelwäert vun engem Mëttegiessen steierfräi ass. De Mëttelwäert ass duerch d'Groussherzoglecht Reglement vum 28. Dezember 1990, wat op Grond vum Artikel 104 vum Akommesteiergesetz geholl ginn ass, mat 2,8 Euro bewäert, esou dass aktuell maximal bis 8 Euro pro Chèque-Repas kënnen steierfräi sinn.

D'Kontroll dass d'Konditiounen erfëllt sinn gëtt vun de Lounsteierbüroen gemaach déi fir déi verschidden Employeuren zoustänneg sinn.

D'Informatiounen iwwer d'Chèques-Repas stinn op monatlecher Basis an de Lounbicher vun deene Employeuren, déi hire Leit dës Avantage offréieren.

D'Steierverwaltung huet awer keng Statistiken driwwer, wéi vill Leit an de Genoss vun de Chèques-Repas kommen, respektiv wéi vill Chèques-Repas am Joer verdeelt ginn, a wat deenen hire finanzielle Volume ass, well op de Jorespaiziedelen, déi d'Employeuren der Steierverwaltung iwwermëttelen, just de Brutto pro Joer uginn ass.

Déi spezialiséiert Firmen, déi d'Chèques-Repas "verkafen" an de System géréieren hunn d'Verpflichtung ze kontrolléieren op d'Chèques-Repas zu deenen Zwecker benotzt gi sinn, fir déi se virgesi sinn. Et ass och wichteg an dësem Kontext ze präziséieren dass z.B. an engem Supermarché e fäerdege Plat mat engem Chèques-Repas kann bezuelt ginn.

D'Regierung steet der Idee vun enger eventueller Digitaliséierung vun de Chèques-Repas positiv géigeniwwer. Wat déi konkret technesch Gestaltung vu sou engem System ugeet, läit d'Initiative awer beim Secteur, well weder de Ministère nach d'Steierverwaltung technesch Solutiounen imposéiere kënnen.